

KLEESCHEN

Dossier pédagogique



Illustratioun: Emmanuelle Hingray

Roger Seimetz / Ela Baumann

Théâtre National du Luxembourg



Inhaltsverzeichnis

Virwuert	03
Einleitung	04
Informationen zum Stéck und zum kënschtlereschen Team	05
Praktischer Teil	20
Quellenangaben	33
Impressum und Kontakt	34



Virwuert

Léif Enseignanten a Begleeder,

Och dëst Joer kënt de Kleeschen erëm. Hien ass eng Institutioun an eng Konstant an dësen onsécheren Zäiten an hie bréngt d'Kanneraen zum Liichten. Zu Éiere vun dësem héije Mann proposéiert den Théâtre National ee flotte Musekstheater a mir freeën eis, dass Dir mat Ärer Klass eist Stéck kucke kommt

Dësen theaterpedagogeschen Dossier zum Stéck „*Kleeschen*“ soll Iech dobäi ënnerstëtzen, mat Ärer Klass den Theaterbesuch virzubereeden an och Ideen ginn, wéi Dir nom Theaterbesuch eng Nobereedung an der Klass kennt maachen.

Mir wënsche vill Spaass bei der Lektüre vun dem Dossier zum Musekstheater *Kleeschen*.



Einleitung

Diese Informationsmappe mit pädagogischen Aktivitäten für Lehrer besteht aus 2 Teilen.

Informationen zur Aufführung

In diesem ersten Teil finden Sie Informationen über die Theaterproduktion "*Kleeschen*". Sie erfahren Details über das Werk, die Thematik und das künstlerische Team. Diese Informationen werden Ihnen helfen, sich mit dem Theaterstück auseinanderzusetzen, sind jedoch nicht für eine gemeinsame Lektüre mit den Schülerinnen und Schülern gedacht.

Praktischer Teil

Im zweiten Teil werden Aktivitäten vorgeschlagen, die Sie mit der Klasse vor und nach der Aufführung durchführen können. Eine Vorbereitung vor der Aufführung ist jedoch nicht zwingend erforderlich. Die Schülerinnen und Schüler können die Theaterproduktion "*Kleeschen*" auch ohne Vorbereitung besuchen. Diese werden als "vollwertige Zuschauer" betrachtet und können eine Aufführung ohne Vorbedingungen entdecken. Ihre Wahrnehmung eines Theaterstücks, ihre Erfahrungen und Empfindungen haben ihren Platz und ihre Berechtigung. Im Theater gibt es weder richtig noch falsch. Die Wahrnehmung einer Aufführung ist individuell und persönlich und regt zu divergentem und kreativem Denken an.

Nach der Aufführung empfiehlt es sich, das gemeinsame Erlebnis mit der Klasse zu thematisieren, die Eindrücke der Schülerinnen und Schüler zu sammeln und ihren persönlichen Erfahrungen und Interpretationen dessen, was sie erlebt und gefühlt haben, Raum zu geben.



Informationen zum Stéck an zum kënschtléreschen Team

Kënschtlérescht Team

Text

Roger Seimetz

Regie

Ela Baumann

Bün a Video

Krischan Kriesten

Kostümer

Anna Bonelli

Regieassistenz

Béatrice Paquet

Musek

Fränz Hausemer, Benoit Martiny

Mat

Roger Seimetz (Erzielung), Fränz Hausemer a Benoit Martiny (Musek)

Eng Koproduktioun vum Théâtre National du Luxembourg an der Schungfabrik Tétange

Kleeschen

D'Erwaardung ass grouss, wa Kleeserchersdag nees virun der Dier steet. D'Tellere sti bereet an d'Kanner sinn immens opgereegt.

Dat klenge Liischen wëll allerdéngs net waarde bis de nächste Mueren. Mat sengem Teddybier am Grapp schlächt hatt sech heemlech erof an d'Kichen. Ma wat hatt do erlieft, hätt et a senger kängsten Dreem net gedreemt.

Mat vill Musek a bekannte Melodië fir mat ze summen a mat ze sängen, kréien d'Geschichten op der Bün en neit Liewen. D'Kanner wäerte staunen an déi Grouss e bësse schmunzelen. De Kleesche muss sech net nëmme mat neimouesche Kannerwënsch ausenaner setzen, ma en däerf och net am Parkverbuet parken. A wéi erkläert een nëmme engem Polizist, datt et keng Carte d'identité fir e Kleesche gëtt?

Zanter ville Joeren gehéieren dem Roger Seimetz seng *Geschichten ronderëm de Kleeschen an den Houseker* zum selbstverständleche Begleeder vun deem Dag, dee fir vill Kanner dee wichtegsten am Joer ass. Dës Geschichten, déi e besser aneschtens sinn wéi dat, wat een esou landlefeg kennt, goufen um Radio gesent a sinn op CD erauskomm, munch dervun esouguer op däitsch. D'Ela Baumann, dat bekannt ass fir säin Talent, Musek an Text op eng onkonventionell Art a Weis aneneen ze verwieven, wäert d'Kanneraen zum Liichte bréngen.

Über Musiktheater: Wenn Musik Geschichten erzählt

„Theater ist in erster Linie ein Ereignis, das mit allen Sinnen erfahren werden kann. Vor dem Hintergrund einer kontinuierlichen Weiterentwicklung neuer Medientechnologien besinnt sich das Musiktheater für junges Publikum auf seine ureigenste Qualität und sucht weniger die Auseinandersetzung mit den klangtechnischen Möglichkeiten elektronischer Medien, sondern setzt auf Präsenzerfahrung im Theater und mit den Mitteln des Theaters. Innerhalb der verschiedenen theatralen Konzepte geht es nicht darum, die systematisierend-distanzierende Rezeption, sondern die Unmittelbarkeit sinnlicher Erfahrung selbst ins Zentrum zu rücken.“¹

Christiane Plank-Baldauf (2021): Musiktheater für junges Publikum in Deutschland – Zwischen traditioneller Oper und postdramatischen Erzählformen.“

Musiktheater hat in unserer heutigen Zeit viele verschiedene Gesichter und geht von Oper, Operette bis hin zu inszenierten Konzerten. Sprache kann vorhanden sein, gesungen oder gesprochen, ist aber nicht zwingend notwendig. Grundsätzlich aber liegt all den Formen zugrunde, dass die Musik ihr Publikum auf anderem Weg erreicht, als gesprochenes Wort oder visuelle Eindrücke. Musik wird im Gehirn anders verarbeitet, spricht uns direkt auf einer emotionalen Ebene an und kann so das Publikum in seiner Rezeption auch sehr direkt erreichen. Fast als wäre der Intellekt umgangen worden zieht uns die Musik in ihren Bann.

Bei „Kleeschen“ basiert sich die Komposition von Fränz Hausemer und Benoit Martiny einerseits auf bekannte Kleeschen- Lieder, die durch Swing und Jazz aber ein neues Gesicht bekommen. Gleichzeitig wird die gesprochene Sprache um eine Klangwelt erweitert, die Atmosphären erzeugt und das Publikum so schneller in eine neue Stimmung oder Szene versetzen kann.

Die Neuvertonungen von Roger Seimetz Liedtexten sind auch im Bereich Jazz, Blues zu verordnen. Die etwas eigenwillige Besetzung Stimme, Klavier, Perkussion lässt Genre Grenzen so gut wie verschwinden und es entsteht ein sehr eng verwobenes musikalisches Duo.

Über Schattentheater

Schattentheater hat eine lange Geschichte

Schon seit 2000 Jahren spielen die Menschen im asiatischen Raum Schattentheater. «Bekannt sind Bilder vom aufwändig gestalteten chinesischen Schattentheater, vom Wayang Kulit in Indonesien (traditionelles indonesisches Schattentheater mit Stabfiguren aus Büffelhaut) und nächtelangen Aufführungen in Indien zu Tempelfesten und Feiertagen», erklärt Angelika Albrecht-Schaffer in ihrem Buch «Schattentheater für Kinder». In Thailand tanzen die Spieler im Nang Yai (Schauspiel mit Bildtafeln aus Pergament, die von den Spielern hinter großen beleuchteten Bildtafeln getragen und zur Musik bewegt werden) mit großen Schattenbildscheiben und präsentieren Balladen und Geschichten. Dabei gehe es meist um Geschichten über das Wirken der Götter, um Legenden sowie um Begegnungen mit den Geistern der Ahnen.

DE KLEESCHEN AN DEN HOUSEKER

Vita, Kult a Wandlung

ENG WËSSENSCHAFTLECH RECHERCHE VUM ROGER SEIMETZ FIR DE PEDAGOGESCHEN DOSSIER

Fir *De Kleeschchen* e musikalescht Theaterstéck fir déi Kleng ... a fir déi Grouss

Niklosdag ass an eise Géigenden¹ dat wichtegst Kannerfest am Joer.

Niklosbrauch an Nikloskult kommen aus der germanesch-heednescher Zäit a mir fanne si a réimesch-kathoulesche Länner souwéi a protestanteschen Deeler vun Däitschland an zum Deel op anere protestantesche Plaze vun Europa. Italien, zemol de Süden, kennt de Brauch well laang, mä wuer een och luusse geet, Brauch a Kult sinn net op Niklosdag eleng beschänkt, mä komme vir um Virowend vun Allerhellgen, de leschten Dag vum Joer, op Epiphanie (dem Dräikinnedag, de 6. Januar), souwéi op aneren Hellegefester.

Den Niklosdagbrauch kënnt no Nordeuropa a verbreet sech vum Norde vu Frankräich aus iwwert d'Belsch, Lëtzebuerg, Holland, Däitschland, Schwäiz, Éisträich bis no Osteuropa. Kierchekult an Niklosdag falen zesummen an deene Länner a Géigenden an ënnersträichen dem Hellegen Niklos, dem *saint Nicolas*, staark verlëtzebuergesch: dem Zinniklos seng Auswierkung, bis hin zum 29. Juli 2019, zënterdeems Niklosdag zum nationalen Inventar vun der Unesco hirem immaterielle Kulturierwen gehéiert.

An dësem pedagogeschen Dossier op Niklosgeschichte, -kultur an -glaf agoen, géif unhand vu Bio- an Hagiografië wéi och theologeschen, historieschen an akademesch-universitäre Recherchen Honnerte wann net Dausende vu Säite fëllen; si verlaangen deemno eng rationell an optimal Reduktioun u Säiten.

1. VITA

Gebuer gouf den Nikolaos ëm 270 zu Patara a Lykien (cfr. Ill. 1) am Weste vun der klengasiatescher Südküst; Lykien läit haut an der Tierkei. Gestuerwen ass hien zu Myra a Lykien de 6. Dezember sou ëm 334/335 am Alter vu sechsasiwwenzeg Joer.

Säin Numm setzt sech aus zwou algräichesche Silben zesummen, Victoire a Vollek, *nikè* a *laós*. Den Niklos gouf mat nonzëng Joer zum Bëschof vu Myra geweit vu sengem Monni Nikolaos, dee selwer Bëschof war, a gëtt (sou zënterem 10. Joerhonnert) veréiert a Kierchen, Kléischer, Kapellen, op Fester, Ëmzich, Biller, Tableauen a Skulpturen, och zu Lëtzebuerg, veneréiert als Patréiner vu Beruffer a Schutzpatréiner vun Dierfer, Stied a Regiounen, wéi dem Norden an dem Oste vu Frankräich, der Lorraine an deels der Champagne, dem Elsass a vu Russland, Griichenland, der Belsch, Lëtzebuerg, der Schwäiz an a Stécker² vun Däitschland, a vun Aberdeen (*Scotland*), Saint-Nicolas-de-Port an Nanzeg³.

¹ De geografesche Begrëff "eise Géigenden" gëtt infra op anere Plazen definéiert.

² Un éischer Plaz chrëscht-kathouleschen.

³ Wéi vill hien zu Lëtzebuerg patronéiert, kann een noliesen an engem Band aus der Serie vun der Geschichtsrevue *Ons Hémecht* vun 1932; fir dësen Artikel konnt ech op engem netdatéierte polykopéierte Blat,

Hie beschützt déi, déi mat Salz⁴ handeln oder a Salinë schaffen (a Westfalen; zu Arc-et-Senans; op de Küsten). Hien ass Schutzhellegen a Wonnermécher op Kreta, an an den orthodoxe Kierchen an Albanien, Zypern, Mazedonien, Bulgarien, der Ukraine, Serbien.

De Kleesche bekréint de Patronat vum Reesenden, vun all Zort Schëffsmann (wéi Matrous a Séimann um Mier resp. um Floss, Kanalschëffsmann, Fléisser (*flotteur de bois*), Färmann, Fëscher a Schëfferbauer), vu Pilger, Uelegändler, Apdikter, Épicier, Somhändler, Weessdoker (*débardeur de blé*, deen de Weess ofluet oder transportéiert), Mëller, Bäcker, Metzler, Wäinhändler, Kéiffer (Fässermécher), Mineur (Biergmann), Schüler, Student, Universitär, Kleriker, Notär, Schreier, Notäersclerc, Affekot, vu jonke Borschten a jonke Meedercher (vrün allem *Jungfrauen*), Verlobten, Koppelen, déi e Kand wëllen, vu Prisonnéier ... an natierlech vu Kanner.

De Kleesche setzt sech a fir Kannerschutz, Dignitéit vun der Fra, sozial Gerechtegkeet, Verdedegung vun der Gerechtegkeet (der Justiz), fir Kampf géint Korruptioun a fir reliéis Toleranz. Am Fong ee moderne Patréiner.

Dem Kleesche säin Numm *Hajos Nikolaos* fanne mer fir d'alleréischt an der *Historia tripartita* (510/515) vum Theodorus Lector⁵, well hie Partecipante vum Konzil zu *Nizäa/Nicäa/Nicée*⁶, dem éischten œkumenesche Konzil vun der chrëschtlecher Kierch oplëscht⁷, ënnert hinnen den "Kleeschen", deen do schonn eng Rëtsch Wonner soll vollbruecht hunn, mä deen nom Konzil keng bedeitend theologesch Roll als *Père de l'Église* méi spille sollt. Eng éischt *Vita*, en éischten hagiografesche Curriculum vitae, huet de Michel den Archimandrit ("Chef", *archè*, vun engem *mandra*, "Klouschter"), am 9. Joerhonnert geschriwwen.

D'Translatioun (d'Iwwerdroen/d'Iwwerbréngen) vum Nikolaos senge Reliquien op Bari (1087) haten italiéinesch Händler an d'Weeër geleet.

An onser Regioun gëtt hie bekannt, well e Kräizzichler (e Kräizritter) e Stéck, eng *phalange*, vun engem vun dem Kleesche senge Fangeren an d'louthréngesch Kierch vun der Stad Port (eng drësseg Kilometer ënnen un Nanzeg) bruecht hat, déi doduerch den Numm sollt droe vun "Saint-Nicolas-de-Port", wou haut⁸ nach d'Niklosfest grandios mat Cortègen, Liichterscher a Mäert e puer Deeg laang

fonnt am Karl Meisen sengem Buch *Nikolauskult und Nikolausbrauch im Abendlande*, Schwann-Verlag 1931, d'Säiten 239-240 konsultéieren, wou déi Niklosbrauch-, -kult- a -veréierungsdonnéeën dropstinn.

⁴ Salz war éi a jéi e lieweswichtegt Konservéierungsmëttel, eng Handels"mënz" an e Gewürz.

⁵ Op algräichesche Θεόδωρος Ἀναγνώστης (Theodoros Anagnostes), gestuerwe virum Joer 550, en spéitantike Kierchenhistoriker a Lektor, Virliesser an der Hagia Sophia zu Konstantinopel; seng *historia ecclesiastica* a véier Bicher, déi den Zäitraum vu 439 bis 527 behandelt, kenne mer nëmme fragmentaresch.

⁶ Haut Íznik an der Tierkei.

⁷ Tëscht zweehonnert an dräihonnertuechtzéng Bëscheef ware present; et goug ëm de Sträit vu Jesu sengem Wiesen (Gott, Mënsch, béid) an ëm d'Trinitéit, dee duerch den Arianismus ausgeléist gi war; den nizäesche Konzil leet fest: Gott a Chrëscht sinn Eent. Den Theolog Arius (3./4. Joerhonnert) vertritt eng fréichrëschtlech Positioun där no de Monotheismus, de Glaf un ee Gott net kompatibel ass mat Wiesensgläichheet Gott ass Gott a Papp a Jong oder der Trinitéit wou d'Dauf hellege Geesch spillt; wa mono, dann net zu dräi. Wat seng Géigner him als Heresie virgehät hunn. wéi gesot, de Kleeschen war och um Konzil.

⁸ Wéi och zu Nanzeg.

gefeiert gëtt. Dem Zinniklos seng Roll war (am Ufank nach no heedneschem Brauch) déi vun engem Verdeedeger vun der Gerechtegkeet, méi spéit dann dofit zesumme mat sengem Bëttel⁹ Houseker¹⁰.

D’Nikloslegend verdanke mer gréisstendeels (och wa mer d’Donnéeë mat Virsicht sollte genéissen) dem Dominikaner Giacomo da Varaggio, dem Jacques de Voragine (13. Joerhonnert) senger *Legenda aurea*, der *Légende dorée*; dernieft Schrëfte vum Robert de Wace¹¹. Dës hagiografesch Kompilatioun goufen zesumme gesat aus wat gewosst war, wat iwuerliwwert, geschriwwen an nogesicht gi war. Hie wier ëmmer schonn e Wonnerkand gewiescht, hätt no der Gebuert direkt op de Bee gestanen, wier aus der Bidde geklomm a wier gaangen, ebe kee Bouf wéi di aner, een dee schonn an der Wéi bestëmmt war, e Kleeschen ze ginn. Oder net? Frae wier hien ni nogelaf (si him éieren?; well mer gesinn infra, datt e sollt bestuet gewiescht sinn). Seng Elteren huet hien an enger Peschtepidemie verluer, wat zimmlech onwaarscheinlech konnt sinn, well medezinwëssenschaftlech net sécher ass, ob dësen “Schwarz Doud” (wéi hiner vill) an der virmëttelalterlecher Zäit duerch den Erreger *Yersinia pestis* koum, deemno also keng Pescht, mä Pouken, Lepra ... konnt gewiescht sinn, obschon et d’yersinesch *agents pathogènes* well gouf.¹²

De Kleesche war een “*saint polycrate*”¹³, mächtig net nëmmen op engem Gebitt, an engem Amt.

Am Mëttelalter gouf hien invoquéiert vu Feudalhären am Sträit, der *Fehde*, mat adleggekréinten Noperen, oder am Kräizzuch, oder iergendzwousch op der Duerchrees fir an den Orient, op der Sich no Räichem oder no sakralen a gehellegte Spläitere vum Christuskräiz; hien huet souguer e Louthrenger Här, de sire de Cunon de Réchicourt befreit aus der Gefaangenschaft am Hellege Land, Palestina, o net mat Schëld a Schwäert, neen, am Dram, an der Nuecht vum 5. op de 6. Dezember 1240, an anere Wieder, dem Prisonnéier gouf matgedeelt, hie soll vum Kleeschen dreemen an deen dann oniresch froen, him ze hëllef; gesot, gemaach ... an de Réchicourt erwächt mueres de 6. Dezember 1240 vrun der Dier vun der Kierch zu Saint-Nicolas-de-Port!¹⁴ Diachronesch, d.h. duerch d’historesch Zäit erduerch hu bekannte Kënschtler (Jan Steen, Claude Richier, Giotto, Lorenzettibridder souwéi orthodoxesch Ikonemoler) resp. manner renomméierter de Kleesche portätéiert, gezechent,

⁹ Den Houseker war souzesoen een ewéi bei Geriicht de Bëttel (*Büttel*), een, deen déi „knaschteg Aarbecht“ mouch; am Houseker sengem Fal: déi vum „Een(t) an-den-Sak-stiechen“, vum Strofen.

¹⁰ D’Roll vum Houseker soll em 18. Joerhonnert entweder vu Pedagogon erfionnt gi sinn, fir schlecht Schüler, vrun allem ëm d’Nikloszäit, ze bestrofen, oder vu Jesuitempateren, fir ze weisen, datt een nëmmen e Kado kritt als Belounung fir Wëssen (duerch dichtegt Léieren), Oppassen, fläissegt Matschaffen a Bieden.

¹¹ Engem franséische Poet (12. Joerhonnert), deen ënnert anerem eng *Vie de saint Nicolas* geschriwwen huet. D’So vum Metzler staamt ursprénglech aus senger Fieder.

¹² Als éischt grouss “Peschtepidemie” (ob et eng war, ass net bewisen! a bleift éischter onwaarscheinlech) gëllt déi sougenannt Antoninesch Pescht zer Zäit vum Keeser Marcus Aurelius, zweet Hallschecht vum 2. Joerhonnert. Aner grouss *Seuchen*, déi héchstwaarscheinlech (och mat) zum Ënnergank vum Réimesche Räich bäigedroen haten, louchen tëscht 250 (Cyprianesch Pescht) a 650 no der Zäitrechnung.

¹³ Sou wéi d’Marie-José Strich, Docteur_(!) ès Lettres hien an *La Légende de saint Nicolas*, éd. Ouest-France 1998, S. 40, nennt.

¹⁴ D’Kierch sollt e puer Joer drop Cathedral ginn, an d’Uertschaft eng villbesicht Pilgerwallfaartsuertstad; si gouf am Donschtkrees vun der Unesco zu engem Weltsite deklaréiert. Friedrich II. Staufer, de Lëtzebuurger Karel IV., den elsässesche Pooft Leo IX. Bruno von Egisheim-Dagsburg, souguer den Habsburger Karel V. si gewallfahrt komm; dësen ass awer a kenger gudder louthrengescher Erënnerung, well hie goung als deen eeklegen Tyrann Charles Quint an d’*Histoire de la Lorraine* an, wéinst senger laanger Belagerung vu Metz 1552, eng haart a penibel Krichsgeschicht, an d’Metzer dowéint drun duechten, den Houseker sou eekleg, béis an ellen duerstelle wéi de Karel V. war. *C.q.f.d., ce qu’il fallait démontrer*. All dës Personagen haten direkt oder wäitleefeg (am zäitlesche Sënn zemol) mam Kleeschen, dem *grand Nicolas* ze dinn.

skulptéiert, geschnëtzt, gekniet, geknipst, besong, beschriff, verfilmt oder hien als Briosch/*brioche* (e *Mä/annela*, Elsass¹⁵) resp. Liefkuch bake loosst¹⁶.

Kleeschen-Reliquië sinn aus dem Orient op Bari gedroe ginn 1097; Bari ass dunn e Wallfaartsuert am Besonnere ginn, wou 1098 souguer e Konzil mat honnertfënnfanachtzeg Bëscheef gehal gouf an e Pèlerinage dohin hu gemaach Kinneken a Prënzen, den onséilege Kräizzuchprovokateur Pierre l’Ermite (Péiter den Ermit/Einsiidler), den Theolog, Filosof an Äerzbëschof Anselm of Canterbury, déi méi spéit kanoniséiert Bernard vu Clairvaux (Zisterziensergrënner), Bruno (e Peschtheeler) a Francesco d’Assisi a Brigitte (Armorique/Bretagne oder dat aus Irland, oder dat aus Schweden??). Stécker vum Kleesche senge Reliquië sinn an den Norde vu Frankräich komm (Lorraine, Anjou, Normandie, Flandres an Däitschland, vrun allem, wat eis Géigend ugeet, op Saint-Nicolas-de-Port, wéi mer well gelies hunn.

Am Fong fënnt ee Stécker vum Kleesche senge Schanken uechter ganz Europa. Wat? En Zant, e Fanger, en Aarm, Hoer, e Stéck vun enger Schank, Ueleg, den aus engem Fanger drëpst¹⁷.

2. BRAUCH A KULT

An de Soe fir d’Wanterzäit an an der kierchlecher Literatur geet net seele Rieds vun “Wëlle Reider”, “Wäisse Fraen”, “Schwaarze Männer am Pelz”, “Wëlle Béischten” mat hirem wäitverbreete Geleet vun Däiwel (*Des Teufels wilde Jagd*, der Juegd op jonk Fraen a Meedercher) an den “Kinnek Hellekin” mat den Horrorfiguren vu Sleepy Hollow, souwéi all deenen hirem Gehoojem, hirer Ofhängegkeet vun där “Héijer Muecht”, där däiwelsbéiser, all déi Gestalten aus Doudegen- a Séilekulter hunn ze doe mat a stinn dem Niklosbrauch no. Mer fannen do di alleréischt Niklosfiguren erëm, mä vrun allem déi vu sengem Gesell, dem Houseker, deen an en etlechen europäesche Géigenden als Krampus oder Percht bekannt ass¹⁸. Ech kommen hannescht op si.

An deene Figuren, ob Kleeschen oder Houseker, sinn al germanesch an nordesch Gëtter verwuerzelt wéi Odin an Thor(r) oder Taranis an Toutates – bekannt duerch Astérix an Obélix als *Toutatis*; mächtig, rosen, geféierlech Gëtter, déi een allerdéngs – ‘t hänt dovu of, wéi ee si behandelt, wéi ee si ubiet a wéi ee mat en ëmgeet – och beschütze kënnen.

Dat *Wilde Heer*, dat a kalen, däischteren Nuechten uechter Dierfer – méi seelen duerch Stied – geeschtert an Angscht op Strofe verbreet, ass den Ursprung vun den Niklosëmzich mam Houseker, dee Rutten un déi verdeelt, déi se sollen “verdängt” hunn; Scharivarri a Maskarad gehéieren zu dese Bräich, déi a Mysteriespiller a Farcen op Wanderbühnen an am Theater am Mëttelalter beléift waren. Belounen a bestrofen, eng Dualitéit, déi d’Mënschheet begleet, zënter Mënschen zesummeliewe a si d’Originne vun de Bräich an dem Kult duerch Oralitéit, mëndlech Iwwerliwwerung, verzielt hunn,

¹⁵ Aus Brioschendäg konnt et och eng *Schneka* a Form vun dueblem, ëmgedrëntem S sinn (e lokale Brauch – de 6. Dezember owes gouf et en “Diner” mat waarmem Cacao mat *Männela* oder *Schneka*).

¹⁶ Mer fannen de Kleeschen op Taken, op Iewen an Dieren, hanner Glas, op Biller, an als Liefkuch, Schockela a Marzipan.

¹⁷ Vu verschidden Helleger leie sou vill Reliquien(Stécker) a Kierchen (“Schräinhelleger”), geklaut, opkaf op Foiren/Foueren, Joermäert asw, datt, léich en Anatomist, e Rechtsmedezinner oder e Paleoanthropolog se zesammen, si aus engem vun den “Hellegen” der eng gutt hallef Dose bis zu enger Bäckeschdose bastele kéinten.

¹⁸ Éisträich (Kärnten, Burgenland ...) asw.

zënter der Virgeschicht an der Keltenzäit. Méi spéit entstoung doraus d'chrëschtlech *Heilslehre*, d'*doctrine du salut*, wou de Kleeschen als Wonnermécher ënnert anerem Kanner rett oder nees lieweg mécht.

Sou entstoungen d'Nikloslegenden. Därer ginn et sou vill a sou ganz ënnerschiddlecher, datt mer s'op dëser Plaz mol net einfach mam Titel opziele kënnen.

DE KLEESCHEN

Mat der Reformatioun kritt den Nikloskult e Rass. Mam Luther sengem Protestantismus. De Luther selwer hat a senger Famill nach den Niklosbrauch kultivéiert, fënnt awer mat senger Reformiddi dëse Brauch kannerech a voll Ligen, wat hien op d'chrëschtkatoulesch Hellegeveréierung allgemeng iwwerdréit, an de Kleesche gëtt an alle Géigende a Staatsgebidder bis an d'18., 19. Joerhonnert uewen op de Späicher verbannt oder hannenaus an de Schaf gestallt resp. an dat fiischt hënescht oder viischt Kellerlach. Bis de Kleesche seng Re-Naissance erlieft.

Ganz vergiess waren hien an den (äerz)kathoulesche Regiounen ni, mä souwéi d'Personnagë Kleeschen an Houseker haut dostinn, stoung se deemools awer net. Dee Kadoesponder a Kannerfrënd, als dee mer de Kleeschen oder de Kleeschen an den Houseker haut kennen, deen resp. déi zwee gouf et och zur Reformatiounszäit, allerdéngs hat resp. hu si anescht geheescht a gesouch(en) hien resp. si anescht aus.

De Kleeschen war dunn an evangeleschen däitsche Länner de *Pelznickel* (en ass vermummt wéi der Däiwel als Geessebock), de *Stapklos* (en trëtt fest op, e stappt, en tappt, wat sech am Houseker senger Gestalt als *Hans Trapp* erëmspigelt – béid an der Rhäinprovënz, am Hunsrück doheem), de *Ruklas* (de raue Klos, a Mecklenburg), de *Bullerklas* (dee poltert a birelt an Ostfriesland, Westfalen, Hannover, Braunschweig a Brandenburg), den *Hel-Niklas* (a Bayern an der Bamberger Géigend), den *Herscheklas* (an der Rhön bei Fulda an Hessen), de *Sinterklas* oder *sant Niklaas* an Holland. Wéi gesouch en aus, wann e getrappt koum? A wien: hien? De Kleeschen? Den Houseker? Oder béid an enger Persoun? Well dat waren s'am Ufank vum Nikloskult: de Kleeschen war sech an Houseker an Engem. Op jiddwer Fall sinn d'Nimm vum Niklosfigur, déi ech eléinescht ugouf, Beschreibungen, déi mat der Zäit op dem Kleesche säin "Däiwelsbegleeder", den Houseker passe sollten, an net méi op de Kleeschen, deem vun enger bestëmmter Zäit un d'rosen, d'granzeg, d.h. d'"schlecht" Qualitéite vum Begleeder net méi zougeschriwwen gi sinn mä eleng déi gutt Eegeschaften vum Kannerfrënd, dee Kadoen ausdeelt. Dat heescht, de Kleesche gouf deen, as de mer en haut kennen, an den Houseker och.



DEN HOUSEKER

War de Kleeschen laang Zäit dee mat laangem däischtere Baart, schwéiere Stiwvelen, donkelem (Pelz)Mantel mat Kaputz oder pelze Mutz, déckem Knëppel oder Biesem, Sak, aus deem op der Ikonografie dack Been eraushoungen, als Zeechen, datt hien, de Kleeschen, e freche Bouf an de Sak gestach a matgeholl hat, sou huet geännert! Dat sollt elo dem Knecht Rup(p)recht, dem Houseker seng Missioun ginn, der Konterparti vum Kleeschen. Dualitéit: Gutt a Béis, oder – wéi mer haut géife soen – Yin Yang. Oder d'Beispill vum 6. Dezember: den Niklos ass deen Dag gestuerwen vs.¹⁹ den Zinniklos/Kleeschen/Niklos bréngt deen Dag Kadoen.

Den *Hel-Niklos*, den Häll-Kleeschen, dee mat de Kette²⁰ rëselt a Kanner, déi net follegen, strooft a mat der Rutt oder dem Martinni beetscht an dobäi brëllt an dreet, mä zerselwechter Zäit Äppel an Nëss op de Buedem pucht oder gären och a Schong oder a Strëmp.

Den Houseker war an ass (zouginn: haut well vill manner) een, dee sech net packt, sech net am Grëff huet a gären duerchdréint; mä ... dat war jo grad seng Roll gewiescht am Duo Kleeschen-Houseker.

Dës Figuren, déi Kleeschen an Houseker waren, fanne mer haut op Halloween²¹, engem alen iresch-chrëschtlechen, souguer engem keltesche Brauch, an an der Fuesent erëm.

Am däitschsproochege Raum ass hien de *Knecht Ruprecht*, am franséischsproochege, de *Père Fouettard* (de Papp oder de Pater, de reliése Papp, dee schléit, beetscht, lasszitt, an engem Wuert: strooft). Dem *Père*, heindsdo och *saint Fouettard* genannt, seng Roll ass déiselwecht wéi dem *Knecht Ruprecht* oder *Ruprecht* seng.

De *Ruprecht* ass a war och an der Vergaangenheet a Mëtteldäitschland schonn deen, dee Kadoen (Äppel, Biren Hieselnëss asw.) ausdeelt. Ee vun de Grimm-Bridder, de Jakob Grimm, féiert säin Numm hannescht op deen, deen duerch *Ruhm*, Herrlechkeet, glënnert. Wéi de Wotan, den ieweschte Gott bei de Germanen; seng Fra ass d'Frîja/Frigg, am Fall Ruprecht: d'*Perahta*, d'*Perchta* (der *Bercht* [Süddäitschland] hire Mann heescht dacks och *Percht*), déi am italiéineschen (Süd)Stiwvel zur *Befana* gouf, heirëmmer d'*Mère Fouettard*; beim Noper d'*Frau Holle* ... erënnert un *Hölle*.

Dem Houseker säin Numm. Wou kënnt en hier? Dem raue biergläiche Kobold, Plogesch, Däiwelskäreel hiren Numm grad wéi den Numm *Krampus* oder *Klabauf* am zentralen an ëstlechen Europa²²? Aus alen Traditiounen, Gesänk, Gedichter, Geschichten a Schauermercher.

¹⁹ Vs/vs. = *versus*: géint, géintiwwergestallt, *contre*.

²⁰ D'Ketterësele soll un déi wonnerlech befreite Gefaangen erënnere (cfr. infra S. 7) an un de Réchicourt.

²¹ *All Hallows' Eve*, Aller Hellege Virowend. Hautdesdaags de Reformatiounsday. Uraler Traditioun no verkierpert *All Hallows' Eve* d'Saison, wou de Buedem näischt dréit an déi Jugendlech mäischt ze dinn hunn; hir Zäit verbréngt se mat Scharrivarri: si verstellen hir Stëmm, verkleede sech, dunn eng Masque un, gi mat Autoritéiten net zëmperlech ëm a ploen a schloe jonk, net bestuete Meedercher mat Rutten (Flanderen) oder der Gässel (Nidderschlesien), dem Bengel (Flanderen) oder engem Rimm aus Lieder (dem Martinni), si an harceléieren se (Däitschland), esouer, wéi de Kleeschen der beschützt hat. Si heeschen net, si verlaangen (cfr. d'Madame Houseker), si si verkleet als Bier, als Wollef, als Bock. Deen Tapaasch verbënnt mat de réimesche Lupercalien, mat dem (Initiations)Ritus, dem Iwwermutt lasszeginn an aus dem Jonktëm eraus an d'Erwuesseneliewen ze goen. `t spigelt doriwwer eraus Fertilitéit a Fekonditéit erëm.

²² De Krampus dréit eng Masque fir ze fäerten; an: als Accessoiren huet hien dacks déck ausgehielegt Rommelen; an der Schuel sinn Aen ausgeschnidden, e Mond an eng Nues a Form vun Dräieck. De *Krampus(s)* heescht an Géigenden och *Leutfresser* (!).

Den Houseker vu Lëtzebuerg. Wien ass hien? Wou kënnt hien hier? Vu wou säin Numm? Schwéier soen. Zu Lëtzebuerg huet hien der just e kleng Grappvoll. Am ieweschten Éislek gëtt (oder gouf) e Ruppert, Schwaarzen (net ze verwiesselen 1. mam "Schwarze Mann"²³ an 2. mat engem "Man in Black"²⁴), Pelzebock oder Hans Muff genannt. Dem Alain Atten no geet den Numm "Houseker" op d'Zäit vum Klëppelkrich zeréck, an zwar op d'Leit vun der Klëppelarméi, déi hiren Haaptquartéier zu Housen haten. "Houseker" wier deemno "ee vun Housen", e Klëppelmann.²⁵ Den Numm, soll gesot sinn, huet och näischt ze doe mat *Berserker*, och wann den Houseker sech heinsdo sou behëlt.

Dem Nico Thewes²⁶ no kënnt den Numm, am Miseler Dialekt *Husiker*, ethymologesch vum mëttelhoudäitsche Wuert *die hosecke* oder *die husicke*, dat ee mat Mantel iwwersetze kann. Den Edmond de la Fontaine, den Dicks²⁷, nennt nach aner Nimm: An der Stad Lëtzebuerg gouf dem Kleesche säi Gesell fréier "Kibo" (Bouneweeg) genannt, an um Land, am Éislek, "Höséker", "hösécher Bock". Zu lechternach gouf vum "Husiger" oder "Husiger Man" geschwat. Zu Veianen housch an heescht hien "Pelzebock", grad wéi an der Géigend ëm Saarburg.²⁸ Dem Brauch no verdeelt hie Rudden/Rutten²⁹ (oder Bengelen, Knëppelen [Louknëppelen, wann een dem Alain Atten follegt], déi a Peffer a Salz oder an Esseg gezappt goufen) an iwwert senger Schëller hänkt e Sak oder um Réck eng Hatt, an deen oder déi hie Kanner stouch, déi sech guer net geschéckt haten. Aner Nimm aus anere Géigenden: *Rübel*, *Schmutzli*, *Rasselbock* (mat enger Rësel, enger Klibber, oder Kläckelcher/Klacken a Schellen: de *Glockenschellenmann*), *Belzbub* (wat u Belsebub, der Däiwel himself uknäppt; cfr Schwäiz³⁰ fir de *Père Fouettard*), *Schwaarzen Ochs*, *Krampus* (vu *Krampe*, Krop), *Struwwelpelz*³¹, *Bartel*, *Hellenklos*, *Schondklos* (dës zwee lescht Nimm hat och mol de Kleesche gedroen) an *Zwaarte Piet* (am Fong: Schwarze Péiter) oder *Moor*, Mouer, wat op d'Legend hanneschtféiert, de *Moor*, de schwarze *Piet* wir an Immigréierten aus Iwwerséi (en Ex-Sklav?) also, politesch korrekt, ee Melanodermen³², ee mat schwarzer Haut. Ketten hat en der och am Grapp, fir décke Kaméidi ze schloen an "béis" Bouwen unzestrécken. Geblosen huet en an en Har (e Cor), fir Meedercher an allegemeng Kanner a Leit z'erféieren. Hien huet e schwarze Baart a schwarz Hoer resp. e roude Baart a rout Hoer³³, dréit e brongen oder schwarze Paterefruckes aus graffem wëlle Stoff mat Kaputz, huet eng däischter Stëmm an ass dacks kuelschwarz am Gesicht.

Dat alles erënnert un al Riten, aus keltischer a réimescher Zäit (d'Lupercalien, e réimescht Rengegungs- a Fruuchtbarkeetsfest, woubäi mer nees beim Zweegespann Kleeschen an Houseker

²³ E Film vum Fränz Hausemer.

²⁴ Och e Film, aus de Stéits.

²⁵ Cfr. A. Atten *Néierewou*. En Heckebuch. Quell gezunn aus dem Wikipedianetz ënnert *Houseker*.

²⁶ Aus derselwechter Bezugsquell Wikipedia wéi ⁵, där no den N.T. d'Informatioun aus dem Matthias Lexer sengem *Mittelhochdeutsches Lexikon* schäfft.

²⁷ E. de la Fontaine, Gesamtwierk 3. Band, S. 416 (Ed. Krippeler-Muller, 1982).

²⁸ Cfr. déiselwecht Wikipediaquell.

²⁹ En Instrumentarium wéi d'Rutte besteet aus Fäschen, op Latäin *fascis*, dat de Symbol vum Faschismus gëtt.

³⁰ Wou gelunge Maskerade gëtt: am Appenzell d'Sylvester-Klaus (vun *Nikolaus*); grujeleg Gestalte mat Masken a risegen Hitt verjoen d'Dämonen. Oder zu Kussach d'*Klausjagen*, *la Chasse à saint Nicolas*, nuets, mat risege Mitraen, vu banne beliicht, Gäissele klaken, Schelle zidderen, kleng Klarinetten (*clarines*) jäizen – een ale Fruchtbarkeetsritus.

³¹ Wou et Verbindunge zum Dokter a Psychiater Heinrich Hoffmann sengem *Struwwelpeter* gëtt Mëtt 1800er.

³² Den Term geet op d'Algrichescht zeréck, een anere Synonym, haut geächt, kënnt vum laténgeschen *niger*, schwarz, *noir*. *Derma* heescht Haut (cfr. Dermatolog, Hautdokter).

³³ A Wallounië gëtt et de Babou/Bâbou mat roude wollegen Hoer, hie schneit elle Grimassen an am Midi ësst hie Kanner an enger Zalot (enger lokaler Zort *salade niçoise*? – *Mauvais appétit*, *Bâbou!*)

sinn!. Der éiweger Oppositiooun Gutt a Béis: Astérix an Obélix vs. Réimer, P`tit Titi vs. Gros Minet, Lucky Luke vs. Daltons an d`Personnagë am *Harry Potter*, am *Lord of the Rings*, a *Marvel* asw asf.

“Ich bin der alte böse Mann, der alle Kinder fressen kann.”

Woubäi mer bei der Anthropophagie³⁴ wieren. Mënsche gi gefriess, an eisem spezifische Fall: Kanner. Neen! Net méiglech! Onwaarscheinlech! Net an der Kleeschelegend! Weder vum Houseker nach vm Kleeschen! Ou!? Kann dat net sinn?, kéint ee soen ... an dach stëmmt et.

An dräi Forme kënt déi schonn aus Märercher bei Grimm a Bechstein bekannte *Pedophagie* vir³⁵.

Éischtens. Den Houseker ass a senge fréie Figuren een, dee Kanner verschléngt, eng psychotesch Ondugend, déi en am Laf vun der Zäit awer verléiert.

Zweetens spillt a verschidde Géigende dem Houseker seng Fra dës Roll oder de Croque-mitaine (och weiblech), de Kannerschreck, de Butzemann/d`Butzefra, deen a senger/hirer Mikrosomie (klenge Kierper)³⁶ (Achondroplasie – keng Kruppschank-[*Knorpel-*, *cartilage-*]Bildung/Formatioun oder *fehlende* Knorpelbildung), a senger *Kleinwüchsigkeit* also, och mam Houseker soll Famill sinn an deeselwechten “Beruff” wéi dësen ausüben; deemno huet dee Butzegen identesch Genen an Naupe wéi den Houseker, zum Beispill därer, wéi lo grad beschwat. Dem Kleesche par konter gi scho vill méi fréi guttmiddeg an nosiichteg Eegeschaften zougeschriwwen, dem Houseker vill méi spéit.

Wéi awer kritt d`Fra Perchta déi Kanner? Wéi fänkt si se? Mä, guer net; si fret net laang, si wëllt a kommandéiert, si verlaangt déi einfach: “Kanner oder Speck”³⁷ (a well déi allermeescht kee Speck méi ze bidden haten, hu se d`Kanner ewechginn³⁸, an d`Eltere ginn hir se. Gehoojem. Eent vun de geféierlechste mënschleche Lasteren (vs. zivillen Ongehoojem).

An drëttens kenne mer de Metzler, deen dräi Bouwen (Schüler, Léierbouwen ...?) a mondgerecht Maufelen heet an dës an engem Fass oder enger hëlze Bidde solpert (*einpökelt*) a se duerno als Jelli oder Gesolpertes mat sauerem Kabes senger Kondschaft verkeeft oder zerwéiert, wéi hien deen “gudde Maifelchen” an där enger oder aner Legend dem Kleeschen op den Dësch bréngt, oder bréngt wëllt, vum “gudden” Kleeschen, dem Thaumaturg³⁹, awer dru gehënnert gëtt. De Muerd un den dräi Bouwe berout op dem Metzler senger Geiregkeet an op senger Fra hirer, well déi hire Mann zum

³⁴ Dem Kannibalismus.

³⁵ D`Melusina (Frankräich, Côte-d`Or, Région Bourgogne-Franche-Comté) gëtt an der Soewelt mat der Anthropophagie a Verbindung bruecht. Firwat? Ass mer net gegléckt, erauszefannen. Ech ka just roden: well hatt sou schéi war, datt een et hätt kënne friessen? Well et gefriess gouf? – hatt war jo en haalwe Fësch?

³⁶ Viraals negativ konnotiert als „Zwerg“ oder „Liliputaner“.

³⁷ *Les enfants ou le lard, sinon d`ici je ne pars.*

³⁸ Wéi dat haut nach a vill ze ville Gesellschaften de Fall ass, well Entreprisë Kanner benotzen, versklaven, fir, zum Beispill, ënnert onmënschlechen an a liewesgeféierlechen, kriibserregende Konditiounen an de Minnen (ënnerdag/Biergwierker oder am Dag[es]bau) no seelen Äerden, Mineralien, oder no Koffer ze gruewen (an der riseger Minn zu Chuquicamata, am Chile, zum Beispill, no Elementer, déi an industriell an ekonomesch entwéckelte Länner sou vill gebraucht gi fir an d`Battrien (e-Autoen, Händien asw.) ... Mä dat ass eng aner Geschicht, a keng Legend, keng Fiktioun wéi déi vu Kleeschen an Houseker. Leider.

³⁹ Dem *Wundertäter*, wuertwiertlech “vun deem, deen e Wonner mécht”. Mer fanne franséisch Kinneken, deenen dës Gof ugedicht gouf D`Leit un un alles gegleeft, wann et hinne schlecht goug, an am Ancien Régime goug et de Klenge Leit schlecht a sou hunn hirer vill sech eleng doduerch geheelt gefillt, well de Kinnek si beréiert hat, deen esou Kranke vun den *écrouelles*, de *Skrofeln*, dem Hellj(!)emaangel (hu si net méi un Helleger gegleeft?), geheelt hat, enger *Halsdrüesengeschwulst* oder Hauttuberkulos, eng Entzündung vun de Lymphdrüsen, der Haut, der Schläimhaut oder de Schanken.

Kannerschluechten opmontert, fir sou aus jonkem Fleesch gudde Solper ze maachen a Geld op de Koup ze tässelen. Et sollte souguer dem Kleesche selwer seng dräi Bouwe gewiescht sinn, déi hie siwe Joer méi spéit aus dem Solper befreit an nees zesummesetzt. Firwat no siwe Joer, eréischt? Well siwen eng helleg Zuel ass? Da's net gewosst an net erkläert; mythologesch a populär Sournäischt erklären nääscht. Dës Schauerseechen huet de Kleeschen "weltberüümt" gemaach. Hir Wuerzel läit an der Fiktioun, an enger Tradition, déi falsch verstane gi war. Am 12. Joerhonnert hat den Zinniklos dräi gefaange Männer (Ritter, Zaldoten op Buerg oder Festung, Offizier, Nuetswiechter, einfach dräi stater Bierger?) aus engem Tuerm gerett, wou si agespaart gi waren; d'Ikonografie huet den Tuerm par Rapport zum Niklos nëmmen hallef duergestallt an d'Männer gesinn op Illustratiounen aus wéi dräi Bouwen an enger Bidden, engem Salz(*Pökel*)Faass. Béid Legende hunn iwwerlieft, haaptsächlech awer déi mat de Kanner. – Kanner soen ech, well op engem Bild stiechen net dräi Bouwen, mä dräi jonk Meedercher an engem Faass!

GUdde KLEESCHEN, BÉISE KLEESCHEN

Kleeschen an Houseker hunn also an hirer Geschicht, hirem CV (hirem *curriculum vitae*) Angscht verbreet, mä 't soll eng gutt, eng gesond Angscht sinn, keng Phobie, och wann Houseker a Kleeschen am Fong Immigrante waren an haut nach oder nees sinn.

"Béis" Bouwen a Meedercher hunn net onbedéngt misse gefriess ginn; si klaue goug duer, an dat huet, mer wëssen, vrun allem dem Houseker seng Fräche gemaach, d'Madame Houseker, d'*Frau Perchta*, d'*Frau Holle* ... mä a verschidden Texter steet geschriwwen, dat hätt och *des Klausen Weiblein* gemaach, *la petite femme de (saint) Nicolas*, d'*Nicolofrau*, d'*Pudelmutter*, déi am Waasser gepuddelt, gepuddelt⁴⁰ (zum Beispill am Sënn vun "geschafft") huet, d'Madame Niklos, d'Madame Kleeschen!

De Kleesche kritt dunn d'Roll vun deem, deen op Kanner oppasst! Op Kanner, déi keng "béis" sinn an op déi, déi et sinn.

Mëndlech a schrëftlech Traditione beschreiwen, wéi zu Myra, wou den Hellegen Niklos Bëschof⁴¹ war, e Papp, net räich, seng dräi jonk Meedercher am Alter fir bestuet ze gi wollt als Houeren op d'Strooss an an d'Gaass schécken, well hie kee Wak a kee Léngent hat, déi hien hinnen als Dott hätt kënne mat an hire Mariage ginn. Den "Kleeschen" hëlleft mat Gold, dat hien no an no, dräimol also, jiddwerengem Meedchen nuets duerch d'Fenster an d'Kummer pucht an hatt sech sou konnt bestueden⁴².

⁴⁰ Hir gëtt e Liewen am Waasser oder ënnerierdesch, eng *vie aquatique* oder *Souterraine* zougeschriwwen mat enger Gloscht op Kanner hiert Fleesch; eng Tradition wéi beim Melusina ... mä dat vum Bockfiels, denken ech, éischer op Fësch aus Uelzecht oder Péitruß gegammst. Äänlech erniert sech de Bonat vu Metz an an der Bretagne, d'Mënschbéischt mat spatze Krallen (e *Greif* – éieren de Graouilly vu Metz?, den Hur, den Héngerdéif, de Bussard, legendär Déieren, déi a Relatioun mat Kleeschen an Houseker stinn) an "Déi Wäiss Fra" ... eng grujeleg Mënschfréissesch a Schreckgestalt oder einfach eng Soefigur, gläichzesetze mat enger Weiser Fra, enger Kraiderhex/Medezinnerin/Heelfra, Hiefam, jo der Hex, verdäiwelt vun der Kierch a verbrannt, well si hiert Wëssen an hir Muecht erkannt a gefaart huet an hir de Mariekult (net dee virchrëschtlichen! mä dee réimesch-chrëschtlich-kathouleschen) entgéintgestallt an am Bëtong vu Glaf a Liturgie gefestegt huet.

⁴¹ Op Plaze gëtt vun him as vun Äerzbëschof geschwat.

⁴² Op ville Representatiounen ass den Zinniklos mat dräi gëlle Bulle duergestallt, oder ebe mat dräi Bouwen am Fässelchen oder der Bidden.

De Kleeschen hat also net nëmmen e Kniecht, en Dénger, e Gesell, mä och eng Mod – net ëmmer, mä hien hat a bestëmmte Legenden a Viten eng. War et seng Fra, vru knapp dausend Joer, oder dem Houseker seng? `t gouf gestëppelt, beschass. “*Den Zinniklos sollt sech bestueden / mat Lächer am lelebou / mat Zéiwe bausst de Schong / Wat wëllt der, datt eng Fra mat sou engem mécht*”, heescht et, iwwersat, an enger *chanson*, wat allerdéngs der Realitéit, där vum Niklos, net ganz gerecht gëtt, well en “aarmen Däiwel” hat hie kee solle sinn, wéi mer aus der Legend mat den dräi Meedercher an dem Gold als Dott wëssen. Hie gëtt an Legend hei an do den “Braddeler” genannt⁴³ a Schlechtes gëtt iwwert hie gesot; hien hätt seng Fra fir eng “Bak” (hei am Sënn vun Dägbir⁴⁴ (*Teigbirne*) verklappt.

